
# Léif Kanner an Elteren vum Grupp  Bambi

An deser Summervakanz 2024 maachen mir eis op d' Spueren vun de **„Réimer“**. Mir versichen den „Alldag“ vun de Réimer no ze erliewen.



Beim Bastelen an Gestalten vun **„Reimer Helmer“** an **„Tuniken“**, gesinn mir wéi sie gekleet waren.

Mir kachen **„réimescht Iessen“** um Feier an versichen eis am **„réimeschen Handwierk“** wou mir Kierf flechten, töpferen an Mosaiken leeën.

Wéi d'Réimer hier Fräizäit gestalt hunn erliewen mir während **„réimeschen Spiller“** .

Mir **besichen d'Réimer Stad Tréier**, wou mir eis verschidden Bauwierker ukucken an staunen wéi grouss an imposant déi sinn.

D'Réimer hunn vill missen kämpfen an mir kucken wat sie fir eng Ausrüstung gebraucht hunn. Mir gestalten eis en **„Schëld“** an en **„Schwäert“** fir eng **„Schlacht“** an engem klengen Theaterstéck no ze spillen.

Op eisem **„réimeschen Maart“** lueden mir dann och d'Elteren an an verkafen eist Handwierk.




Léif Kanner, dir kënnt daat Bild gären ausschneiden, ausmolen an matt an d' Maison Relais bréngen!


Niewent den geplangten Aktivitéiten leën mir regelméisseg Pausen an, fir den Summer ze genéissen. Un „waarmen Deeg“ wäerten „Waasser Spiller“ oder den Besuch an der „Schwämm“ fir déi néideg Ofkillung suergen. Och spontan kleng Ausflich wëllen mir ënnerhuelen, jee no Wieder an Interesse vun den Kanner.

Duerch d' Kombinatioun vun den Offeren ronderem d'Réimer an den flexiblen Aktivitéiten an Ausflich stelle mir sécher, dass d' Kanner Spaass, Freed an Ofwiesslung an hirer Summervakanz hunn.

D'Aktivitéiten ginn an der Woch virdrum an der Maison Relais ausgehaang. Mir freeën eis op eng flott Vakanz Grupp Bambi

# Chers enfants et chers parents du groupe Bambi

Pendant ces vacances d'été 2024, nous allons suivre les traces des **"romains"**en tentant de vivre le quotidien des romains.



Nous allons créer et bricoler des **casques romains** et des **tuniques,** et découvrir la mode vestimentaire des romains.

Sur un feu ouvert, nous allons cuisiner **des repas d'époque** et allons essayer de recréer les **métiers d'antan** en essayant la vannerie, la poterie et la pose d'une mosaique.

Lors de **"jeux romains**", nous allons découvrir comment les romains passaient leur temps libre.

Nous visiterons la **ville romaine de Trèves**, où nous pourrons voir différents édifices romains et nous rendre compte par nous mêmes de leur taille imposante.

Les romains ont livré de nombreuses batailles et nous allons nous intéresser à leur équipement. Nous façonnerons un **bouclier** et une **épée** et nous revivrons une "**bataille"** dans une petite pièce de théatre que nous mettrons en scène. Lors de notre **"marché romain",** nous inviterons les parents et nous y vendrons notre artisanat.



Chers enfants, vous pouvez découper et colorier cette image et l'apporter à la maison relais!

Mis à part les activités planifiées, nous allons instaurer des pauses qui nous permettront de profiter pleinement de l'été. Lors des "journées chaudes", des jeux aquatiques ou encore une visite à la "Schwëmm" nous permettront de nous rafraîchir. En fonction de la météo et de l'intérêt des enfants, nous allons faire des petites excursions spontanées.

Par la combinaison des activités autour du thème des romains et les activités et excursions flexibles, nous voulons nous assurer que les enfants puissent avoir de l'amusement, du plaisir et du changement pendant leurs vacances d'été. Les activités seront affichées une semaine à l'avance à la maison relais. Nous nous réjouissons de passer de belles vacances avec vous! Groupe Bambi